N° 6784
Entrée le 07.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.09.2022

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 7 September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

*« An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4907 vun 2021 war matgedeelt ginn, datt zu Lëtzebuerg kee ‚Vétérinaire pour tous' wéi en am Frankräich existéiert, virgesi wier. Persounen, déi Problemer hätte fir den Traitement vun hirem Déier opzekommen, kréichen och net mat Subventioune gehollef. Virop gouf sech op Déiereschutzassociatioune beruff, déi zum Deel vum Ministère subventionéiert wieren.*

*Bei munchen Déierendoktercabineten oder Klinicken, schéngt et awer virzekommen, datt wann de Besëtzer d'Rechnung vu sengem Déier net ka bezuelen, de Veterinär d'Déier zeréckbehale géif. Dëst géif dann op eege Käschten traitéiert,an de Veterinär géif dono decidéiere wat mam Déier geschitt. Notamment, géifen dës Déieren an Asyler ënnerbruecht ginn.*

*Kierzlech Reaktiounen aus dem Secteur vum Déiereschutz hunn op déi schwiereg Situatiounen an den Asyler a bei den Organisatiounen higewisen. D'Äntwerten op rezent parlamentaresch Froen erklären, datt Persounen iwwer d'Besoinen an d'Käschte vun engem Hausdéier solle weider sensibiliséiert ginn.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Contrairement zu de reegelméissege Käschten, kann eng Noutfalloperatioun un engem Déier eng eemoleg méi héich Rechnung mat sech bréngen. Dierf e Vétérinaire en Hausdéier zeréckhalen oder weidervermëttelen am Fall wou dës net direkt ka bezuelt ginn?*

- *Ass dës Praxis dem Minister bekannt ?*
- *Wa jo, wéi vill där Fäll gouf et iwwert déi lescht 10 Joer zu Lëtzebuerg ?*
- *Wéi problematesch gesäit den Här Minister dës Praxis am Kontext vun der aktueller Situatioun vun den Asyler an änlechen Etablissementer?*
- *Wou kënnen d'Besëtzer vun dësen Hausdéieren punktuell Hëllef ufroen ? »*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6784 vun dem éierbaren Deputéierten Gusty Graas**

**Contrairement zu de reegelméissege Käschten, kann eng Noutfalloperatioun un engem Déier eng eemoleg méi héich Rechnung mat sech bréngen. Dierf e Vétérinaire en Hausdéier zeréckhalen oder weidervermëttelen am Fall wou dës net direkt ka bezuelt ginn?**

Am Fall vun enger Operatioun op engem Déier déi méi héich Käschten ervir rifft, huet de Besëtzer vum Déier e Recht op en Devis vun den Käschten bevir en seng Zoustëmmung zur Behandlung gëtt. Falls de Besëtzer der Behandlung zoustëmmt an no dëser d'Rechnung net bezilt däerf de Vétérinaire dat behandelt Déier zeréck halen bis d'Behandlung's Käschten bezuelt sinn respektiv en Bezuelung's Modus arrangéiert ass. Hien däerf d'Deier awer an kengen Ëmstänn weider vermëttelen et sief dann den Besëtzer huet säin schrëftlechen Accord iwwert de Wee vun enger Verzichtung's Erklärung hei zou ofginn. Anerefalls huet de Vétérinaire d'Pflicht seech em dat Déier ze këmmeren bis et erëm zeréck bei säin Besëtzer geet.

**Ass dës Praxis dem Minister bekannt? Wa jo, wéi vill där Fäll gouf et iwwert déi lescht 10 Joer zu Lëtzebuerg?**

Esou eng Praxis vun Vermëttelen vun Deieren duerch Vétérinairen well d'Behandlungskäschten net bezuelt sinn ass dem Minister net bekannt.

**Wéi problematesch gesäit den Här Minister dës Praxis am Kontext vun der aktueller Situatioun vun den Asyler an änlechen Etablissementer?**

Falls et esou eng Praxis géif ginn wier déi problematesch well d'Déierenasyler schonn iwwerfëllt sinn mat Déieren déi duerch hier Besëtzer ausgesat respektiv se ofginn hunn well des hier Responsabilitéit géigeniwwer den Déieren net wëllen wouer huelen.

**Wou kënnen d'Besëtzer vun dësen Hausdéieren punktuell Hëllef ufroen ?**

An punktuellen Situatiounen kennen d'Besëtzer vun Hausdéieren sech un Déiereschutz Organisatiounen wenden déi deelweis bereet sinn verschidden Onkäschten fir Vétérinaire's Behandlung ze iwwerhuelen. Et sief och nach bemierkt dass et privat Assurancen gin déi géint d'Bezuelen vun enger Prime en Deel vun den Veterinärskäschten rembourséieren.

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN